



Dépôt : M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 01.03.2019

7417 - Projet de loi portant modification de :

1° la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;

2° la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale

Dépôt : Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 01.03.2019

7418 - Projet de loi portant modification 1) de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ; 2) de la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique ; 3) de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ; 4) de la loi modifiée du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État

Dépôt : M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique, le 04.03.2019

7420 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 7 août 1961 relative à la création d'un fonds d'urbanisation et d'aménagement du plateau de Kirchberg

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 04.03.2019

7421 - Projet de loi déterminant les modalités d'accès des ressortissants britanniques dans le cadre du retrait du Royaume-Uni de Grande-Bretagne et d'Irlande du Nord de l'Union européenne au :

1° revenu d'inclusion sociale ;

2° revenu pour personnes gravement handicapées

Dépôt : Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 05.03.2019

7450 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2019 et modifiant :

1° le Code de la sécurité sociale ;

2° le Code du travail ;

3° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;

4° la loi modifiée du 30 juin 1947 portant organisation du Corps diplomatique ;

5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

6° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;

7° la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l'établissement public dénommé « Fonds d'assainissement de la Cité Syrdal » ;

8° la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État ;

9° la loi modifiée du 24 décembre 1999 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2000 ;

10° la loi modifiée du 22 décembre 2006 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2007 ;

11° la loi modifiée du 14 décembre 2016 portant création d'un Fonds de dotation globale des communes

Dépôt : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 05.03.2019

7451 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2018-2022

Dépôt : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 05.03.2019

Le projet de loi suivant a été retiré du rôle des affaires :

6101 - Projet de loi portant modification des articles L.243-1 à L.243-5 du Code du travail

Dépôt : Mme Françoise Hetto-Gaasch, Ministre de l'Égalité des chances, le 20.01.2010

Retrait du rôle des affaires : 08.03.2019

3) Les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées :

1218 - Demande de pétition publique : Disponibilité d'urgences pédiatriques

Dépôt : Mme Eva Rodick, le 12.02.2019

1219 - Demande de pétition publique : Permettre aux personnes handicapées d'utiliser des animaux d'assistance pour un soutien physique et mental et interdire toute discrimination à leur égard, que ce soit sur leur lieu de travail, dans les lieux publics ou en tant que locataire

Dépôt : Mme Amanda Gardner, le 11.02.2019

1220 - Demande de pétition publique : Continuité du service public ferroviaire

Dépôt : M. Olivier Caisou-Rousseau, le 12.02.2019

1221 - Demande de pétition publique : Reclassement du projet d'un raccordement de la zone logistique de Contern au réseau autoroutier de la priorité 2 en priorité 1

Dépôt : M. Robert Dennewald au nom de Business Club Contern ASBL, le 14.02.2019

1222 - Demande de pétition publique : Adoption par le Grand-Duché d'une loi de compétence universelle absolue visant à réprimer les crimes et infractions graves en matière d'écologie (atteintes au climat, aux écosystèmes, aux espèces protégées, aux systèmes hydrographiques et aux réserves d'eau, ...)

Dépôt : M. Jean-Marie Paquet, le 14.02.2019

1223 - Demande de pétition publique : D'Volljärekkeet op 17 Joer erofsetzen

Dépôt : M. Ralph Fohl, le 15.02.2019

1224 - Demande de pétition publique : Autofräi Sonndeger

Dépôt : M. Dominique Weber, le 18.02.2019

1225 - Demande de pétition publique : Réduction du trafic automobile par l'introduction de vignettes/péages de la ville de Luxembourg pour les voitures de l'extérieur conduisant dans la ville pendant les heures de bureau, et introduction d'avantage de parkings en dehors de la ville et des transports en commun les reliant

Dépôt : M. Wawrzyniec Kotarba, le 20.02.2019

1226 - Demande de pétition publique : Esch, une ville en béton

Dépôt : Mme Laurie Saraiva, le 22.02.2019

1227 - Demande de pétition publique : Anerkennung einer im EU-Ausland durchgeführten periodischen Kraftfahrzeughauptuntersuchung. Schaffung der rechtlichen Möglichkeit, den Contrôle technique im EU-Ausland durchzuführen. - Diese Untersuchung soll in Luxemburg anerkannt sein. (Contrôle technique, TÜV)

Dépôt : M. Frederic Becker, le 22.02.2019

1228 - Demande de pétition publique : Zone 30 avec ralentisseurs à la Rue de Cessange

Dépôt : Mme Hanaa Achabou, le 26.02.2019

1229 - Demande de pétition publique : Protection de la faune et de la flore

Dépôt : Mme Liliana Rodrigues, le 26.02.2019

1230 - Demande de pétition publique : Finanziell Onofhängegkeet oder déi zweet Léift bestueden

Dépôt : Mme Deborah Simoes, le 01.03.2019

1231 - Demande de pétition publique : Changement des sanctions pour les avertissements taxés en cas d'inobservation de la limitation de la vitesse

Dépôt : M. Romain Mousel, le 06.03.2019

1232 - Demande de pétition publique : Rémunérer à la fin de chaque année les congés annuels non pris

Dépôt : M. Nicolas Renardet, le 08.03.2019

1233 - Demande de pétition publique : Gemeinsam aktiv gegen Lebensmittelverschwendung

Dépôt : Mme Josette Heitz, le 10.03.2019

1234 - Demande de pétition publique : Premiers secours

Dépôt : M. Filipe Da Silva, le 11.03.2019

1235 - Demande de pétition publique : Moins de chiens dans les refuges et PLUS de maisons (appartements) qui autorisent les animaux domestiques

Dépôt : M. Roberto Santos Lima, le 12.03.2019

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

5. 7407 - Proposition de loi modifiant la loi du 11 août 1982 concernant la protection de la vie privée

7410 - Proposition de loi portant modification de la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues modifiée par la loi du 23 septembre 2018

7414 - Proposition de révision de l'article 95ter de la Constitution

Déclarations de recevabilité

An hirer Sitzung vum 7. Mäerz huet sech d'Präsidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun zwou Propositionen de loi an enger Proposition de révision de la Constitution ausgeschwat. Et handelt sech ëm de Gesetzesvorschlag 7407,

eng Ofännerung vum Gesetz iwwert de Schutz vum Privatleewen, deen den 12. Februar 2019 vum Här Gilles Roth deponéiert gouf, ëm de Gesetzesvorschlag 7410, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Sproocheregulung, deen den 20. Februar 2019 vum Här Fernand Kartheiser deponéiert gouf, an ëm een Änderungs-vorschlag vum Artikel 95ter vun der Verfassung, deen de 27. Februar vum Här Alex Bodry deponéiert gouf.

Schleisst d'Chamber sech dem Vorschlag vun der Präsidentekonferenz un, déi zwee Gesetzesvorschläi an den Änderungs-vorschlag vun der Verfassung als recevabel ze erklären?

(Assentiment)

Et ass also decidéiert.

6. Ordre du jour

Den Ordre du jour, esou wéi d'Präsidentekonferenz e vorschléit, ass lech zougestallt ginn.

Ass d'Chamber mam Ordre du jour averstanen?

(Interruptions)

Madamm Hansen, wannechgelift.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President. Ech hunn u sech zwou Remarken ze maachen. Dat Éischt ass: Mir fannen et u sech net acceptabel, datt vu 17 Ministeren - mer haten der u sech nach ni esou vill an der Regierung - emol net d'Halschent hei ass, fir sech de Froe vun den Deputéierte während der Heure de questions ze stellen.

D'Chambersreglement gesäit schlisslech vir, an ech ginn dovunner aus, datt d'Regierung dat kennt, datt prinzipiell eng Heure de questions dënschdes ass, wa mer Pleniëre hunn.

Dat heescht, d'Ministere kéinte sech u sech riichten en connaissance de cause. Ech géif souguer mengen, si misste sech riichten. Eenzel Saachen, dovunner ginn ech aus, sinn net ze verréckelen. Mä awer misst d'Chamber ëmmer Virrang hunn.

Also, datt just 8 vu 17 Ministere präsent sinn, ass fir eis definitiv net akzeptabel. A mir froen den Här President, fir bei der Regierung ze intervenéieren, fir u sech méi Respekt virun der Chamber ze weisen a fir ganz einfach präsent ze sinn.

An een zweete Punkt: Mir hätten och gären eis Question-parlementairen am Delai beäntwert. Reng theoretesch kéinte mer déi elo hei mëndlech stellen. Mä ech soe just reng theoretesch, well och déi Ministere sinn net hei.

Mir hunn eng Fro vum Marc Spautz iwwert de 5G. Do war souguer gefrot ginn, fir den Delai ze verlängeren. Deen ass awer vun lech, Här President, refuséiert ginn. Majo dat ass der Regierung awer, schéngt es, relativ egal, well d'Antwort ass net do.

A mir hunn och nach Froen un den Här Meisch, mä och den Här Meisch ass net do. Also och an deem Sënn wäre mer frou, wann den Här President géif intervenéieren, fir datt d'Regierung méi Respekt virun der Chamber géif weisen, fir datt mer och dës Antworten, wou den Delai schonn ofgelaf ass, am Laf vun dëser Woch krite an datt mer an Zukunft eis Froe matzäit beäntwert krite.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools. Ech huelen Akt vun der Deklaratioun vun der Madamm Hansen. An ech versprechen lech, datt mer déi do Problematik nach eng Kéier an der Präsidentekonferenz opwerfen. Ech mengen, Dir waart selwer derbäi, wéi mer an der leschter Präsidentekonferenz doriwwer geschwat hunn. Mä et ass awer esou, datt déi meescht Deputéiert (veuillez lire: Ministeren) fir haut eng valabel Excuse hunn, ...

(Brouhaha)

... datt se een Engagement hunn, vu datt se op enger internationaler Konferenz oder datt se am Ausland sinn a wierklech haut net kënnen hei sinn. An duerfir hate mer diskutéiert, ...

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV).**- Mir sinn hei; et sinn d'Ministeren, déi net hei sinn.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- ... ob et géif Sënn maachen, fir haut eng Heure de questions op den Ordre du jour ze setzen. An et war d'Fraktioun vun der CSV, déi insistéiert hat, datt mer eng hätten, ...

(Brouhaha)

... wuel wëssend, datt mer haut an deem Zeenario wieren, datt nëmmen aacht Membere vun der Regierung präsent wieren.

Mä ech verstinn trotzdem Är Suerg. A mir wäerte jiddefalls kucken, datt déi Heure-de-

questionen (veuillez lire: Questions parlementaires) séier beäntwert ginn, fir datt d'Deputéiert hirem Droit d'initiative kënnen nogoen. An duerfir maache mer et jo och esou, datt mer als Chamber ganz oft higinn an datt mer hinnen net déi Facilitéit ginn, fir d'Delaïen ze verlängeren.

Merci villmools fir d'Versteesdemech.

► **Une voix.**- Très bien !

7. Heure de questions au Gouvernement

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Deen nächste Punkt ass, datt d'Regierung eng Froestonn fir haut opgesat huet. Mir hunn zéng Froen erakritt an et mierkt een, datt eng ganz Rei Regierungsmemberen awer d'Disponibilitéit hunn, fir ebe bei enger Froestonn derbäi ze sinn.

Laut Artikel 86 vum Chambersreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit, fir seng Fro virzedroen, an d'Regierung huet véier Minutten Zäit, fir drop ze äntworten.

- Question n° 25 du 12 mars 2019 de M. Laurent Mosar relative au registre des bénéficiaires effectifs, adressée à M. le Ministre de la Justice

Mir géifen dann direkt ufänke mat der éischter Fro. Dat ass d'Fro Nummer 25 vum Här Laurent Mosar un de Justizminister iwwert de Registre des bénéficiaires effectifs. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, Merci, Här President. Zumindest de Justizminister ass do, wat et mir dann erlaabt, him eng Fro ze stellen iwwert de Registre des bénéficiaires économiques (veuillez lire: Registre des bénéficiaires effectifs). Dëse Regëster ass a Kraaft getruede säit dem leschten 1. Mäerz.

Et ass esou gewiescht, fir déi Kollegeinnen a Kollegen, déi deemools an der Commission juridique derbäi waren, do hate mer eng intensiv Diskussioun, fir ze soen, datt et wichteg wär, datt am Virfeld vun deem Akraafttriede vum Gesetz och géif méiglechst vill Informatioun gemaach ginn, ganz besonnesch och Informatioun par rapport zu deenen Dausende vun ASBLen, déi an Zukunft déi Deklaratiounen do beim Regëster maache mussen.

An deemools ass och ënnert der Initiativ vum President vun der Commission juridique gesot ginn, et wär gutt, wann do e Guide à l'information géif gemaach ginn, deen och d'Bierger géif informéieren, wéi dat Gesetz ze applizéiere wär. En plus stellt sech och d'Fro fir d'ASBLen - dat sinn net alles Juristen, déi an deenen ASBLen do sinn -, wéi se sech och mussen uleeë a wat fir eng Donnéeë se genau musse ginn.

Dofir wollt ech lech haut verschidde Froe stellen, Här Justizminister.

Fir d'Éischt: Dee Regëster, wivill Leit sinn do, déi schaffen? Ginn déi Leit duer, fir déi vill Demanden an Empfang ze huelen?

Zweetens, wéi ass et mat deem Guide à l'information? Kënnt deen elo iergendwann eng Kéier an deenen nächste Wochen?

Drëtt Fro: Ass do envisagéiert, eng Circulaire erauszeginn, ganz besonnesch à l'attention, wéi gesot, vun deene ganz ville Responsabele vun ASBLen, déi et am Moment net einfach hunn an déi net ëmmer verstinn, wat se genau do musse verséieren?

A véiert a lescht Fro: Vu datt mer hei just en Delai vu sechs Méint hunn, ass et net auszuschléissen, datt innerhalb vun deene sechs Méint net allegueren déi Dausenden ASBLen deene Verplichtunge kënnen nokommen. Ass do envisagéiert, eng gewëssen Tolerance ze ginn, wann dat innerhalb vun deem Mount net géif klappen?

Ech soen lech Merci fir Är Äntworten.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar. Den Här Justizminister huet d'Wuert.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Merci, Här President. Merci och dem Här Mosar fir seng Fro. Dir hutt ganz zu Recht drop higewisen, dass d'Gesetz den 1. Mäerz a Kraaft getrueden ass. D'Gesetz huet awer och elo en Delai vu sechs Méint, ier et da mat aller Vigueur och applizéiert gëtt. Dat hu mer jo och net ouni Grond zesummen esou virgesinn, dass mer do sechs Méint Iwwergangszäit hunn, fir justement all déi noutwendeg Inscriptiounen kënnen virzehuelen an och déi noutwendeg Informatiounen un déi richteg Leit ze kréien, fir dass hir Inscriptiounen kënnen en bonne et due forme gemaach ginn.

Eent vun de Resultater vun der Debatt an der Chamber war jo och, dass mer zesumme pro-